Fédération des Victimesdu Nazisme
enrôlées de force, a.s.b.l.
Luxembourg
9, rue du Fort Elisabeth
Boîte postale 2415
Luxbg.-Gare

Letzeburg, den 12 Abröl 1979

CIRCULAIRE UN ALL SECTIONSCOMITE

Wert Komerodinnen a Komeroden,

We' Dir all wösst ass an der Assemblée Générale extraordinaire zu Walfer, den 17.03.79 beschloss gin mat egenen Löschten an d'Wahlen ze gôen, an zwar wöll bis haut sämtlech Parteien ons sötzen gelôss hun.

Dös Décision ass vum Fédérationscomité an senger Sötzung vum 22.3. approuve'ert gin an och iwerholl gin, d.h. mir kandide'eren önner dem Numm vun der Fédération.

Heimat hun mir eng gro'ss Responsabilitet iwerholl an mir sin ons bewosst, dass an den nächsten 2 Ment allerhand op ons duerkönnt, an dât besonnesch op finanziellem Plang.

Eso' eng " Campagne électorale " kascht onhémlech vill Geld. Ons Entreprise ass nuren am Intéret vun all Enrôlé de Force, op Médche, Jong, Witfra, Kanner an Kandskanner, a speziell fir de heitég letzeburger Jugend gedu'echt. Dofir mâche mir en dréngenden Appell un all Sectionen aus dem Land ons finanziell ze önnerstötzen, an dât so' gut we' nuren méglech.

Mir iwerlôssen den enzelnen Sectionen we' Sie wöllen virgôen an wären fro',wann mir iwer dösen We' onsen Fonds d'Action könnten opföllen.

<u>Et könnt an dösem Moment op all Member</u>

<u>an och op al FRANG un.</u>

Bei döser Action göllt et <u>sei Mann zestellen</u> an ons <u>Solidaritet</u> dem ganze Land e'neitz ze beweisen.

d'Féderation hofft op all Er Mathöllef ziehlen ze können fir dat d'Décision vun Walfer keng Faillite göt.

Mir erwarden Er finanziell Onnerstötzung eso se'er we' méglech op dem <u>Postscheck Nr. 21049-97</u> : Fonds d'Action des Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme, Luxembourg, mat dem Vermierk: " Fir de Wahlfonds". Mir so'en Ech am Viraus villmôls MERCI.

Mat komerodschaftlechen Gress

Joseph WEIRICH, Président